

4. Trainingsdag an Irland

Haut war den offiziellen Training, ier muer den éischten WM Dag usteet. D' Traineren waren nach op der Trainer Reunion wou d' Secteuren gezunn si ginn. Den Chris sëtzt am A wou mir gëschter trainéiert hunn, den Néckel sëtzt am B, den Olli sëtzt am D an den Marc am C. Haut hu mir en méi kuerzen Training gehat, well d' Équipe nach Saachen ze präparéieren hat. D' Geschir muss ëmgetässelt ginn am Bus an am Théo sengem Van.

Op der Streck waren et haut iresch Verhältnisser: Vill Loft an e bëssen Reen. Eisen jéngsten, an zwar den Néckel, hat haut eng Steigerung am Training. No 2 Stonnen hat hien 3.380 gr. Routaen an e puer Plaquetten. Den Olli hat haut 2.500 gr. an den Chris hat 3.510gr. De Marc ass bei d' franséisch Team kucken gaangen an huet d' Match Staangen ajustéiert.

An der Box 13 (D Secteur fir muer an en Sonnden) sin déi éischten gréisser gefaang ginn, awer nëmmen op der Match Staang well hei en flaachen Fong ass, vis-à-vis vun deenen aneren Boxen.

Haut geet et mat Zäiten an d' Bett, well d' Batterien müssen bei jidderengem opgetankt ginn. Merci fir déi vill Mailen déi d' Équipe all Dag aus Lëtzebuerg geschéckt kritt fir hinnen Gléck wënscht.

Mier wäerten eis d' Bescht muer versichen!

Bis dann.

